CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 17. Septembre 2019**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
18 SEP. 2019
1210

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert d'Statistike vum LISER un Madamm Logementsminister weiderzeginn.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro No 893 iwwer Statistike vum LISER huet Madamm Wunnengsbauministesch präziséiert, dass all Statistike vum "Observatoire de l'Habitat" um «Data Public»-Portal vun der Regierung disponibel wieren. Um Site vum Observatoire de l'Habitat sinn awer Donnéeën, déi um « Data Public »-Portal leider net disponibel sinn, sou zum Beispill Rubrik « Prix annoncés moyens à la location selon le nombre de chambres[1] ». Bei dëser Presentatioun konnt jiddereen deen sech fir de Sujet interesséiert séier an a vollster Transparenz novollzéie wei d'Evolutioun vun der Moyenne vun de Loyers-Präisser pro Trimester hei zu Lëtzebuerg waren.

Dei lescht publizéiert Zuelen datéiere vum 3. Trimester 2017 a goufe leider nach net aktualiséiert. Och sinn déi aktualiséiert Donnéeën net ënnert deem Link[2] ze fannen dee Madamm Wunnengsbauministesch an hirer Äntwert uginn huet. Ausserdeem ginn « Tableaux recapitulatifs » fir « prix annoncé » souwuel vun der Vente wei vun der Locatioun nëmme bis Joer 2016.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un Madamm Logementsminister riichten.

- Ass Madamm Wunnengsbauminister gewellt erëm trimesteriell Zuelen ze publizéieren sou wei den Observatoire de l'Habitat dat jorelaang a vollster Transparenz gemaach huet ?
- Wéini ginn déi feelend Donnée à jour gesat ?

An dem selwechte Kontext wéilt ech eng zousätzlech Fro un d'Mme Minister stellen iwwert d'Transparenz vun de Verkafspräisser iwwert Immobilieportaler wou d'Agencen sech praktesch an der Evaluatioun vun engem Objet iwwert "eng vente aux enchères" iwwerbidden beim potenzielle Verkafspräis.

- Denkt d'Mme Minister drun eventuell wéi an anere Länner op dëser Welt eng Gesetzgebung anzeféieren wou d'Immobilieportaler beim Verkaf vun engem Objet op voll Transparenz mussen setzen a Bezuch op déi viregt Verkafspräisser vun dem selwechten Objet ?

---

[1] http://observatoire.liser.lu/index.cfm?pageKw=fiche_info_comp_loc

[2] https://data.public.lu/fr/datasets/loyers-annonces-des-logements-par-commune/

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Marc Lies**

**Deputéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Luxembourg, le 11 OCT. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
11 OCT. 2019

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis

L-2338 Luxembourg

Dossier suivi par:
Jérôme KRIER
☎247-84837

Ntr.réf.: 2019-1210-Lies_RépMinTransmis_11-10-2019.doc/JK

<u>Concerne:</u> **Question parlementaire n°1210 du 18 septembre 2019 posée par l'Honorable Député Marc LIES concernant les statistiques du LISER.**

Monsieur le Ministre,

En réponse au courrier électronique du 20 septembre 2019 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente ma réponse à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre du Logement

Henri KOX

Tour Alcide de Gasperi
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.logement.lu

**Réponse de Monsieur Henri KOX, Ministre du Logement, à la question parlementaire n°1210 du 18 septembre 2019 de l'Honorable Député Marc LIES concernant les statistiques du LISER.**

D'Statistike vum Observatoire de l'Habitat konnte leider aus informatesch-technesche Grënn an de leschte Méint net reegelméisseg à jour gesat ginn. Mëttlerweil ass de Site awer aktualiséiert mat de leschten Zuelen, déi de 7ten Oktober publizéiert goufen.

Den Observatoire de l'Habitat publizéiert doriwwer eraus seng Donnéeën och um „Data Public"-Portal.

Ech wollt den éierewäerten Deputéierten nach dorop hiweisen, dass mëttlerweil um Site vum Geoportail en neit Thema "Logement" geschafe gouf, wou den Observatoire eng ganz Rei Statistike geographesch an interaktiv disponibel mécht.

Wat d'Transparenz vun de Verkafspräisser bei den Immobilieportaler ugeet, sou schaffen am Moment de Ministère fir Konsumenteschutz an de Ministère fir Wunnengsbau u Virschléi déi dozou bäidroen, d'Transparenz an d'Informatioun fir d'Keefer vu Wunnengen ze verbesseren.